



NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news

18/2014


## SONNDEG, DEN 1. JUNI 2014

VUN 09:00 AUER U BIS 18:00 AUER

*Krempelmaart (rue de la Reine)*
*an um Krautmaart (rue du Marché-aux-Herbes).*

*AULEBÄCKER AUS FRANKRÄICH, DÄITSCHLAND, DER BELSCH, HOLLAND A LËTZEBUERG*

## 7. AULEBÄCKERMAART AN DER ALSTAD



**FIR ENG MUSIKALESCH ANIMATIOUN SUERGT:**

**10:45 Auer – 11:45 Auer**
„STRËPP VUN DER STATER-
A LAMPERTSBIERGER MUSEK"

**12:00 Auer – 13:00 Auer**
„NEI GRËNNESCH STRËPP"

**16:30 bis 18:00 Auer**
LIDDERUUCHT

VILLE DE LUXEMBOURG

## OPRUFF

**Fotoe vun der Alstad gesicht.**

De Comite ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwer är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoe vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoe sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoe vu sportleche Manifestatiounen, (déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn), Fotoe vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher ewéi z. B. Prossessiounen, Kommuniounen asw., och Fotoe vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze din hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.

Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.

**COMITÉ ALSTAD A.S.B.L.**
Siège : 1, rue de la Loge • L-1945 Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88 • Fax : (352) 40 97 50 •
E-mail : comite.alstad@pt.lu • www.comitealstad.lu

# Rappel Plateau « Krautmaart ëm 1650 ».

## Lescht Chance. Et sinn nach 20 Plateauen ze kréien.

E Versuch vun enger Rekonstruktioun vum „Neie Maart" ëm 1650 kann een an engem ronne Sall vum Stater Geschichtsmusée bewonneren. Dëse 17 Meter laange Panorama gouf am Joer 2006 réaliséiert vum Antoine Fontaine a sengem Assistent Fréderic Heurlier mat der Ënnerstëtzung vun den « Amis des Musées d'histoire et d'art Luxembourg».

De Comité Alstad, an Zesummenarbecht mam Stater Geschichtsmusée, bidd Iech elo dee Motiv vum Krautmaart ëm 1650 als Plateau aus der Kollektioun New Wave vu Villeroy & Boch un. E Plateau, deen ee gebrauche kann, fir zum Beispill Apéritifshäppercher oder séisst Gebäck de Gäscht unzebidden. Awer et ass och e ganz schéinen Dékorationsartikel an enger Vitrine.

Bestelle kann een de Plateau beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vu 55 op ee vun onse Konten:

| | |
|---|---|
| Spuerkees: | **IBAN LU64 0019 1755 0897 0000** |
| Postscheck: | **IBAN LU02 1111 0080 8736 0000** |
| BGL-BNP Paribas: | **IBAN LU19 0030 7564 6694 0000** |
| **(mam Vermierk:** | **Plateau Krautmaart 1650)** |

D'Moosse vum Plateau sinn 42 x 15 cm. Et sief awer och nach bemierkt, datt de Plateau an enger klenger Unzuel vun nëmmen 100 Stéck produzéiert gëtt, an nummeréiert ass.



Ofhuele kann ee säi bestallten a bezuelte Plateau am Büro vum Comité Alstad vum 19. Mee bis den 23. Mee 2014 vun muerjes 09:00 bis 12:00 Auer.

Fir weider Informatioune si mir um Telefon 46 61 88 ëmmer fir Iech do.

# 7. Aulebäckermaart an der Alstad

Et ass schonn zu enger Traditioun ginn, datt de Comité Alstad, an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, all zwee Joer den Aulebäckermaart an der Alstad organiséiert.

An de Stroosse vun der Alstad, virun där wonnerbarer Kuliss vum Groussherzogleche Palais, ass e Sonndeg, den 1. Juni 2014 de 7. Aulebäckermaart an der Alstad. Mee wou genau? Um Krempelmaart (rue de la Reine) an um Krautmaart (rue du Marché-aux-Herbes). Vun 09:00 Auer u bis 18:00 Auer präsentéieren Iech Aulebäcker aus Frankräich, Däitschland, der Belsch, Holland a Lëtzebuerg op hire Stänn allerhand Ierdewueren: Tasen, Telleren, Wäibecheren, Humpen, allerhand Figuren, Vase fir Blummen, Blummendëppen, Zëmmersprangbueren, Plätterchen, an aner Dekoratiounsartikelen. Hei fënnt den Amateur vun der Poterie alles, wat d'Häerz begiert. Natierlech kann een och deem engen oder aneren Aulebäcker iwwer d'Schëller kucken, wéi esou en Objet aus Toun geformt gëtt.

FIR ENG MUSIKALESCH ANIMATIOUN SUERGT:

**Um 10:45 Auer – 11:45 Auer**
„Strëpp vun der Stater- a Lampertsbierger Musek"

**Um 12:00 Auer – 13:00 Auer** déi „Nei Grënnesch Strëpp"







Den Ofschloss vum 7. Aulkebäckermaart mecht Lidderuucht. Vun 16:30 bis 18:00 Auer spazéiert Lidderuucht, gekluft ewéi an der Bourgeoisie vun de bessere Leit, esou tëscht 1820 an 1890 duerch Strossen ronderëm de Palais an efréien iech an ons mat engem Potpourri vu Lëtzbuerger Lidder.

Mir freeën ons op äre Besuch um 7. Aulebäckermaart an der Alstad, fir mat ons e puer flott Momenter ze verbréngen.

# Misericordias, schola gregoriana Lëtzebuerg

Misericordias, Schola Gregoriana Lëtzebuerg, besteet aus sechs bekannte Sänger, déi zu de fläissegsten Unhänger vum gregorianesche Gesank am Lëtzebuerger Land zielen. Et wor keen aneren, wéi dee vill ze fréi verstuerwenen Organist aus der Kathedral, de Carlo Hommel, dee Misericordias am Joer 1999 an d'Liewe geruff huet. Bis zu sengem Doud am Joer 2006, wor hien hiren Dirigent a spirituelle Mentor. Misericordias entwéckelt a fleegt bis haut e Stil, dee souwuel authentesch, wéi och kommunikativ soll sinn. Authentesch, well en sech op déi rezent Erkenntnisser vun där iwwer dausend Joer aler Fuerschung iwwer d' Gregorianik bezitt. Kommunikativ, well d'Sänger sech an deene verschiddene Gebidder leede loosse vun enger déiwer Musikalitéit, déi sech mat der Leidenschaft vun der geliefter Aktualitéit verbënnt.

Misericordias ass dat éischt Wuert vum Psalm 88: „Misericordias Domini in aeternum cantabo", op lëtzbuergesch. „Barmherzegkeet vum Här, éiweg wëll ech dovu sangen".

D'Schola Misericordias besteet aus den Häre Marc Dostert, Jean-Marie Kieffer, Gilles Leyers, Serge Losch, Jean-Paul Majerus a Raymond Majerus.

*Quell: Misericordias, schola gregoriana Lëtzebuerg*

Op Christi Himmelfahrt, donneschdes, den 29. Mee 2014, offréiert Misericordias, schola gregoriana Lëtzebuerg op Invitatioun vum Comité Alstad um 20:00 Auer an der Méchelskierch um Fëschmaart e Concert mat gregorianeschem Gesank.

**PROGRAMME: IN PEREGRINATIONE AD PATRONOS LUXEMBURGENSE**

**1. IN ASCENSIONE DOMINI**

| | | |
|---|---|---|
| Viri Galilei | *greg. Choral* | |

**2. IN PEREGRINATIONE AD MARIAM, MATREM JESU, CONSOLATRICEM AFFLICTORUM**



In Nativitatae B. Mariae Virginis:

| | |
|---|---|
| Solemnitas gloriosae | *greg. Choral* |

Annuntiatio:

| | |
|---|---|
| Ave Maria | *greg. Choral* |
| Ne timeas Maria | *greg. Choral* |
| Dabit ei Dominus | *greg. Choral* |
| Ave Maria (quomodo) | *greg. Choral* |
| Ecce ancilla Domini | *greg. Choral* |
| Mittit ad virginem | *greg. Choral* |

In asumptio Mariae :

| | |
|---|---|
| Signum Magnum | *greg. Choral* |
| Asumpta est in coelum | *greg. Choral* |

In festo B.M.V. Matris Jesu, Consolatrix afflictorum, cum Octava:

| | | |
|---|---|---|
| Introitus: Ave spes nostra | *greg. Choral, 19.Joerh.* | *H. Oberhoffer* |
| Lauda Jerusalem | *4 stëmmege Kouer* | *R. Ponchelet* |
| 1. Alleluja, Domine, in voluntate tua | *greg.Choral, 19.Joerh.* | *H. Oberhoff* |
| 2. Alleluja, Convertisti planctum meum | *greg. Choral, 19.Joerh.* | *H.Oberhoffer* |
| Sancta Maria | *4 stëmmege Kouer* | *P. Barthel (arr. J-P Majerus)* |
| Nigra sum | *greg. Choral, 19.Joerh.* | *H.Oberhoffer* |
| Dilectus meus | *greg. Choral, 19.Joerh.* | *H.Oberhoffer* |
| Offertorium: In illa hora | *greg. Choral, 19.Joerh.* | *H. Oberhoffer* |
| Maria mater Jesu | *4 stëmmege Kouer* | *J.P. Beicht (arr. JP Majerus)* |
| Communio: Beatus homo | *greg. Choral, 19.Joerh* | *H. Oberhoffer* |

**3. IN PEREGRINATIONE AD SANCTUM WILLIBRORDUM**

| | | |
|---|---|---|
| Ave praeelcte | *greg.Choral+4st. Kouer* | *S. Losch* |

Ad Laudes:

| | | |
|---|---|---|
| Per dies singulos | *greg. Choral* | |
| Coeperunt itaque | *greg. Choral* | |
| Sanctus vir Dei | *greg. Choral* | |
| Vir Deo plenus | *greg. Choral* | |
| Sacerdotis sui preces | *greg. Choral* | |
| Summus sacerdotes Willibrordus | *greg. Choral* | |
| Benedictus | *greg. Choral+4st. Kouer* | *T.L. Victoria* |

**ENTRÉE : 15**

**Réservation : Tél: 46 61 88 • Fax: 40 97 50 • E-mail: comite.alstad@pt.lu**

# De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (6)


**Zesummegestallt vum Claude Esch**




## 1938

Eng ganz speziell Iddi haten d'Grënner vum Comité Alstad: si wollten d' Fest vun der Éimaischen mat engem gudden Zweck verbannen: de Leit eppes ubidden, wat se nëmmen deen Dag vun der Éimaischen ze kafe kruten, a mam Erléis e sozialt Wierk ënnerstëtzen. Domat wor d'Éimaische gerett, a si huet bis haut nach net un Attraktivitéit a Popularitéit verluer. Den éischten Éimaischenssouvenir, dee verkaf gouf, an dat zu Gonschte vun der Crèche, wor eng Mapp mat 3 Reproduktioune vu Fiederzeechnunge vum Joseph Propst. Dës Zeechnungen hunn d'Haaptfiguren aus dem Dicks senge Wierker gewisen. Si goufe verkaf zum Präis vun 3 Frang d'Stéck, oder zesummen an enger Mapp fir 15 Frang. Vun all Zeechnung gouf et 300 nummeréiert Stéck.

D'Éimaischen ass schons Ouschtersonndeg owes mat engem Concert vun der Clausener Musek agelaut ginn. Nom Concert sinn an de Wiertschaften um Fëschmaart déi al Vollekslidder gesonge ginn. Ouschterméindeg ass da schons ganz fréi mueres d' Gewulls lassgaang. 1938 war dat éischt Joer,wou och de Rouscht an d'Éimaischen mat agebonnen ginn ass, do goufen vun do un och Verkafsbuden opgestallt. Fir d' Kanner, an natierlech och fir déi Grouss, gouf et am Musée um 11:30 Auer déi éischt Virstellung vum Max Radestock sengem Kasperltheater. Entrée fir d' Kanner: 10 Sous, a fir déi Grouss 1 Frang. Mëttes um 3 Auer goufen déi Groussherzoglech Kanner empfaang fir en Tour iwwert d'Éimaischen. An owes vun 9 Auer un war e grousse Volleksbal um Rouscht.


LETZEBURGER BILLER
GEZÉCHENT VUM J. PROBST
op der E'meis'chen fir d'Crèche verkâft
1938
Vun dene Biller gi je 500 Steck gedreckt a numere'ert
All Rechter virbehâlen










## 1939

Fir d'Éimaischen si Kanner an alen Truechten duerch d'Stad gaang, an hunn Ouschtereeër verdeelt, fir d'Leit domat op d'Éimaischen z'invitéieren. Den offiziellen Optakt vun der Éimaischen wor Ouschtersonndeg am Nomëtteg mat engem Concert vun der Clausener Musek op der Fëschmaarterplaz. An engem speziell dofir opgeriichten Tramshaische goufen Ouschtereeër an en Äschenteller verkaf. Ouschterméindeg um 11:00 Auer sinn de Prënz Charel, d'Prinzessin Marie-Gabrielle an d'Prinzessin Alix vun den Häre Schaus a Scheer vum Comité Alstad begréisst gi fir e Rondgank iwwert d'Éimaischen ze man. Den Äschenteller, gezeechent vun engem jonke Lëtzebuerger Kënschtler mam Sproch „D'Spetz fir d'E deint firt entzwe" (aus dem Karl Mersch sengem Luxemburger Kinderreime vun 1884) gouf et an de Faarwe gréng, gro a blo, a gouf fir 5 Frang verkaf. Den Äschenteller an enger Oplo vu 500 Stéck gouf bei Villeroy & Boch am Rolléngergronn hiergestallt. Fir déi Kleng gouf et am Gesellenhaus an der Kasinosgaass, nees dem Max Radestock säi Kasperltheater. Als Ofschloss vun der Éimaischen 1939 wor dun nach e Concert vum Pafendaller „Sang a Klang".

Vun Ufank un hat de Comité Alstad am Programm, kulturell a folkloristesch Animatioun an der Alstad ze bedreiwen. 1939 wor et de Comité Alstad ,dee „federführend" wor bei der Ausstellung « Sâchen aus der âler Stâd», organiséiert fir d'Feierlechkeete vun der Joerhonnertfeier vun onser Onofhängechkeet. Hei e puer Stëmmen aus der Press iwwert d'Ausstellung. Luxemburger Wort vom 28. Mai 1939: „ ....*Von Anfang bis zum Schluss sind sämtliche Abteilungen äusserst reich beschickt, was zeugt für den emsigen Sammlerfleiss der Organisatoren, aber auch für den sicheren Geschmack, welcher die Auslese der gesammelten Gegenstände leitete.....*" Luxemburger Zeitung vom 4. Juni 1939: „*Der ausserordentlicheErfolg dieser Ausstellung liegt nicht zuletzt in ihrer Aufmachung begründet..... Es ist eine Kunst, eine solche Fülle von Material so zu ordnen, dass jedes Stück in das richtige Licht gerückt wird und dass der Beschauer nicht gerade durch diese Fülle erdrückt und ermüdet wird. Die Veranstalter beherrschen diese Kunst restlos.....*"

(WEIDER AN DER ALSTAD NEWS 19)